



Dan Altmann

Charel Meder

Nidderkuer ass net Uewerkuer. Zu Uewerkuer hu se d'Schwämm an d'Sportshal, an där heiansdo Concerte gespilt goufen. Eng Rockhalier et d'Rockhal gouf, wann een esou wëllt.

Zu Nidderkuer hate mer dat net. Nidderkuer, dat war de Käerjenger, de Suessemmer an de Péitenger Wee. D'Cité de la Chiers. D'Hiel, déi haut Col de l'Europe genannt gëtt. An de Prënzeberg, dee sech wéi e laange Bandwuerm laanscht de Bierg, deen der Strooss hiren Numm ginn huet, bis bei de Péitenger Kierfecht gezunn huet.

De Prënzeberg war deemools scho keng typesch Aarbechterstrooss. Éischer dat, wat een haut e multikulturelle *quartier à mixité sociale* nennt. Schmelzaarbechter, Elektriker, Schrainer, een Depositaire, e Polizist, e puer Akademiker. Stack-Lëtzeburger, Lëtzeburger mat Migratiounshannergrond, Italiener, Fransousen, Jugoslawen ... A vill haten der Kanner a mengem Alter.

Eis Spillplaz waren de Bësch an de Bierg, den haitege Giele Botter, wou fréier nach riseg giel Camionen de roude Buedem fortgefouert hunn.

Am Bësch huet de Kropemann gehaust, an engem däischtere Pët, direkt niest enger aler Hütt aus raschtem Blech, bei där mer eis getraff an heiansdo och eng gefëmmt hunn, well mär cool wollte sinn. Wéi déi Grouss, déi zu Péiteng an der Mëttschoul waren, oder zu Déiferdeng an der Léierbud, wou et fréi moies schonn um kuerz viru sechs an engem vun deene sëllege Cafén am Agank zur Schmelz lassgoung, an d'Humpen an d'Drèppe prett an der Rei do stoungen, wann d'Jongen erakoumen, fir schnell nach een ze kippen, ier hir Schicht ugefaangen huet. A wou se um kuerz no zwou erëm higaange sinn, fir e weideren Humpe mat enger Drèpp, ier et dann heem op de Kascht goug oder bei d'Frëndin.

Wann d'Aarbechter uewen um Bierg bis fäerdeg waren, da si mer den Hang eropgeschlach, bei de Steinbrecher oder e bësse méi wäit an eng vun de Minnen. Déi waren zwar net méi a Betrib, mee se hate se awer och nach net ofgeséichert, esou datt mer ouni Problem do era konnten. Oder mer sinn op de Plastikstipp gaangen, eng illegal Mülldeponie, op där iergendeen e riseg Koup Rulle mat festem bloe Plastik deponéiert hat, déi mer auserneegeullt an nieftenee geluecht hunn, fir doropper de Rampli erofzerutschen. Iwwerhaupt war de Sport ganz

wichtig zu Nidderkuer: Et gouf d'Turner, d'Handballer an natierlech de Fussball. Wann déi Schwarz-Giel géint déi Déifferdenger Red Boys gespilt hunn, oder géint d'Escher Jeunesse, da war de Stadion ze kleng. A mär natierlech ëmmer matten dran. Wann de Lahure an d'Déift op ee vun de Bossien gepasst huet, an deen da fräi virum géigneresche Goal opgedaucht ass. Oder de Margue als leschte Mann de Ball nach in extremis vun der Linn gekraazt huet an dann hannerrécks widder e Potto geknuppst ass. Oder den Neumann op léns duergaangen ass – oder den Thill op riets – an dann an d'Mëtt op den Aly May geflankt huet, an deen de Ball laanscht de Golkipp an de laangen Eck gekäppt huet, an de Progrès nees Champion war! Dann huet net nëmme de Filet gewackelt, dann huet de ganze Stadion vibréiert, a villes war op eemol vergiess – den Dreck, de Knascht, dee ganze Misär op der Aarbecht oder an der Schoul, d'Hëtzt vun den Héichwien, dee kale Stëbs. Da gouf bis spët an d'Nuecht eran am Duerf gefeiert. Annette, géff mär nach e Béier mat enger Drèpp, wannechgelift, an dem Jang och een, Prost, allez hopp, ech ginn nach een aus, eng Tournée fir de ganze Café, et gëtt ee schlisslech net all Dag Champion! An d'Coupe, déi huele mer eis och nach, wäert der gesinn, géint déi Rout, déi houer Drecksäck.

De Futtball war deemools nach net wéi haut; an de 70er/80er Joren hunn nach d'Jongen aus deem engen Duerf géint déi aus deem anere gespilt, an et wier ondenkbar gewiescht, datt ee Spiller vun deenen enge bei déi aner gewieselt wier. Ma fir déi meescht vun eis sollt deen Dram, eng Kéier selwer op der grousser Bün ze stoen a vun dausende vu Leit gefeiert ze ginn, awer net méi an Erfülleng goen. Et war eng nei Ära am Lëtzeburger

Futtball ugebracht, Spiller aus dem In- an Ausland goufen akaaft, vill Clibb aus dem Minett sinn auserneegeerappt ginn, grousser hu mat klenge fusionéiert, d'Arbed huet sech ëmmer méi aus dem Futtball zrëckgezunn, an den Interessi vun den Zuschauer goug zrëck, well den Erfolleg op eemol ausblouf. Gefeiert hu se elo anzwousch anescht. Zu Beggen, op der Escher Grenz, zu Diddeleng ...

D'Schmelz war wäit vun dëser Kandheet um Prënzeberg ewech. Just nuets huet ee se heiansdo héieren oder gesinn, wann et geliicht oder getut huet, a jee nodeem, vu wou de Wand koum, huet se komesch Geräischer vu sech ginn. Dann huet et ramouert an heiansdo och haart geknuppst, esou datt ee léiwer d'Decken iwwer de Kapp gezunn huet. Meeschtens blouf se awer ganz diskreet am Hannergrond, eng surreal Kuliss, laanscht déi ee gefuer ass, wann ee mam Bus op Esch wollt. Dann huet ee verwonnert zu der Fënster eraus op déi vill kleng Männercher gekuckt, déi ewéi Seejessen zur Entrée eran- oder erausgestiermt sinn, an et woussst een, datt der do och drënner wieren, déi ee kennt, der bei eis aus der Strooss, wou een als Bouf Pappé vu Kollege gesinn huet, déi fréi vun der Schaff heemkomm sinn a spët zu Mëtteg giess hunn, während aner Familien ëmmer pünktlech an zesumme giess hunn. Nach anerer si réischt ganz spët dohi gefuer an hunn dann den hallwen Dag iwwer geschlof, esou datt et schonn emol eng Panzrappecht gouf, wann ee vun eis ze haart an der Gaass gebläert huet.

Wat se genee do gemaach hunn, hu se eis Kanner ni verzielt; muncheder war no senger Aarbecht einfach ze midd; anerer wollten näischt méi dovunner wëssen. An nach anerer hu wuel geduecht, et géing eis net interesséieren. Well Kanner sech eebe seelen derfir interesséieren, wat hir Elteren esou schaffen.

Zur Persoun

De Charel Meder, Joergang 1966, ass zu Nidderkuer opgewuess an zu Péiteng an zu Esch an de Lycée gaangen. Dono huet hie Geschicht a Literaturwëssenschaft zu Lëtzebuerg an zu Freiburg i. Br. studéiert. Haut ass hie Professor am Athénée de Luxembourg an Auteur vun ë.a. Prosatexter, Theaterstécker a Lauschterspiller. 2017 gouf hie mam 100,7-Radiopriis fir „CyberTrappEd“ ausgezechent, 2017 mam Lëtzeburger Buchpriis an der Kategorie Literatur fir „Aname“ an 2018 mam 2. Priis beim Concours littéraire national fir d'Theaterstéck „Geheimdienstkönige“. Wierker (Auswiel): „Aname“, Nouvelle (2016), Schortgen, „En Eisefrësser an der Chamber“, Graphic Novel (zesumme mam Marc Angel, 2022).

My Hometown

(...)

Now Main Street's whitewashed windows
And vacant stores
Seems like there ain't nobody
Wants to come down here no more
They're closing down the textile mill
Across the railroad tracks
Foreman says these jobs are going boys
And they ain't coming back
To your hometown
Your hometown
Your hometown
Your hometown

Last night me and Kate we laid in bed
Talking about getting out
Packing up our bags, maybe heading south
I'm thirty-five, we got a boy of our own now
Last night I sat him up behind the wheel
And said „Son take a good look around
This is your hometown“

Bruce Springsteen
(from the album „Born in the U.S.A.“, 1984)
© Sony Music Group/Eldridge

Die Serie This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) und copybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei copybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

Tageblatt
LÉTZEBUERG

CAPYBARA BOOKS

UNIVERSITÉ DU
LUXEMBOURG

C²DH
LUXEMBOURG CENTRE FOR
CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY